Rapport AG janvier 2024

La Présidente Danièle Flammang-Pauly souhaite la bienvenue aux membres de ZAK
et souhaite une bonne année 2024 à tous.

L'Assemblée Générale 2024 a lieu au Restaurant "A Guddesch" à Beringen/Mersch.

L'ordre du jour est approuvé à l'unanimité.
Le rapport de l'AG de janvier 2023 est approuvé à l'unanimité.

La présidente remercie les membres présents pour leur confiance.

Elle donne ensuite un aperçu des nombreuses activités de ZAK pendant l'année 2023.
Le rapport annuel a été distribué aux participants.
Les remerciements de ZAK vont aux personnes et institutions suivantes:

*Mir sinn och dëst Joer erëm generéis ënnerstetzt gin.*

*E ganz grousse Merci geet als éischt un d'Famill Decker, déi beim Doud vun der Madame Denise Decker-Buck esu léif un ZAK geduecht hun. Hinnen a besonnesch dem Anne-Claire nach eng Kéier onst härzlechts Bäileed!*

*Ënnerstëtzung koum och dëst Joer mat engem generéise Subside vun der Stad Lëtzebuerg, vun der Gemeng Bartreng, vun der Belle Etoile a vum City Concorde am Kader vu Bartreng beweegt sech, vun der Firma TRALUX, déi op eneits e flotten Motorradstour organiséiert hat a vun der Gemeng Contern am Kader um BD-Festival.*

*Merci och den Dammen vum Golf-Club vu Klierf, déi zugonschten vun ZAK e flotten Tournoi organiséiert haten! A Merci och der Famill Reuter, déi bei Geleegenheet vum Gebuertsdag vumm Här Nicolas Reuter un ZAK geduecht huet.*

*E besonnesch generéisen Don krute mir vum Maacher Lycée, déi ons am Kader vun hirem Charity Run ënnerstëtzt hun. D'Chantal an den Nico konnten als Ambassadeuren vun ZAK e Scheck iwwert 23000 Euro entgéint huelen. Mir soen dem Maacher Lycée an och all dénen aanere „Sponsoren" vun ZAK e ganz grousse MERCI fir hir Ënnerstëtzung, oni déi mir vill Aktivitéiten net kënnten ofhaalen.*

*Natierlech geet wéi ëmmer e grousse Merci un de Lycée Michel Lucius, d'International School an de Service des sports vun der Stad Lëtzebuerg, déi ons hir Infrastrukture fir onsen Training an ons Matcher zur Verfügung stellen, an un all di léif Leit, di des Infrastrukture betreien an ëmmer hëllefsbereet sinn. A Merci soe mir och der Gemeng Miersch an hirem Buergermeeschter, déi ons*

*d’Haal Krounebierg fir onse 15. Geburtsdag zur Verfügung gestallt hun an och den Éierwäin gestefft hun.*

*Virun allem wëll ech awer onse Bénévolen Merci soen, di ëmmer dobäi waren, onsen Traineren aus Basket, Fitness, Schwammen an TôsôX, onsen Hausmammen aus der Summervakanz an de Bastel- a Face-Painting-Künstleren vum Straussefest a vum BD-Festival! Besonnesch ernimmen well ech awer och d’Sophie Grivet an d’Helena Meyer-Skrobeck, déi mat vill Courage an Enthusiasmus Méindes Owens e Baby-Basket op d’Been gestallt hun, deen ëmmer méi Succès huet. Félicitatioun iech zwee, dat ass e super Projet!*

*Dem Gin merci fir den Design vun de flotten T-Shirten a Kalenneren an och dem Jeff fir d’Betreiung vun onsem Site!*

*Da geet och e ganz grousse Merci un ons Trésorière Sylvie Schon an d‘Réviseurs de caisse Eric Cillien an Guiseppe Sulli, déi mëttlerweil scho Secret Service-Capacitéiten entwëckelt hun, fir onsen Duercherneen ze entzifferen.*

*Merci och dem Madeleine Kayser fir seng tatkräfteg Ënnerstëtzung bei all onsen Aktivitéiten an der Stad Lëtzebuerg an d’Ticketen fir d’Äispist op der Kinneckswis!*

*An e ganz grousse Merci dem Kleeschen an sengem Assistent Housecker, di all Joer erëm mat grousser Opreegung erwaart gin!*

*Dem Chantal e ganz grousse Merci fir seng Christstollen, seng Kürbiszopp a virun allem di super Spaghettis-Zooss, an dem Monique fir di gutt Wäffelcher!*

*An och onsem Conseil d’Administration e grousse Merci fir seng gutt Aarbecht!*

DFP présente ensuite les nombreux projets de ZAK pour l'année 2024.

Elle remercie chaleureusement tous les membres de ZAK et tous les bénévoles qui ont contribué à faire de l'année 2023 un succès pour l’association. A la fin de son discours, la présidente demande à l'Assemblée générale d'accorder la décharge à la Trésorière et au Conseil d'administration. La décharge est accordée à l’unanimité. DFP remercie les membres présents pour leur confiance, réitère ses souhaits pour une excellente année 2024 et invite tous les participants à déguster les traditionnels Fritten, Ham an Zalot.L'Assemblée générale est close.